N°1587
Entrée le 11.12.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro n°1587 vum 27. November 2024 vum honorabelen Députéierten Dan Biancalana a vum honorabelen Députéierten Ben Polidori zum Sujet "La Police et l'intelligence artificielle"**

**Fro 1 : Wat ass dem Här Minister seng Positioun iwwert een aktiivt Notze vu KI bei der Police? Nieft dem administrative Beräich, kéint een d'KI och bei der Bilderkennung fir d'Sich vun Täter notzen?**

Dës Regierung wëll eng modern Police opbauen an d'Digitaliséierung virundreiwen[1]. D'KI kann der Police Opportunitéite bidden, fir an Zukunft méi zäiteffizient ze schaffen. Et muss evaluéiert ginn, a wéi enge Beräicher d'KI fir d'Police kann e konkreeten Notzen hunn.

Dat kéint beispillsweis bei der Bilderkennung am Kader vun Sich no Täter de Fall sinn, wa gréisser Fotodateien mussen auszgewäert ginn.

Heibäi ginn natierlech Sécherheet, Fiabilitéit an Data protection als éischt Prioritéit berücksichtegt.

**Fro 2 : Ass eng käschteflichteg KI schonn am Asaz bei der Police? Wa net, wisou nach net? Wa jo, wéi genee gëtt d'KI genotzt?**

Aktuell sinn eng limitéiert Unzuel u käschteflichtege KI-Lizenzen am Beräich Iwwersetzung a Nummerschëld-Erkennung am Asatz. Dës KI gëtt z.B. op der Scan-App benotzt, déi d'Polizisten op hirem Déngschthandy installéiert hunn, an déi et hinnen erlaabt, d'Plaque vun engem Auto bei enger Verkéierskontroll ze kontrolléieren.

**Fro 3 : Wat sinn d'Geforen déi bei der Notzung vu KI bei der Policeaarbecht kéinten entstoen? Wat sinn d'Avantagen déi d'Polizisten an hirer Aarbecht kéinten hunn?**

Bei enger falscher Benotzung vun oppene KI-Systemer am Internet, géing de Risiko bestoen, dass sensibel Donnéeën aus Police-Dokumenter an den Ëmlaf kommen.

Ënnert anerem aus deem Grond lafe schonn aktuell an der Police eng Rei Projeten, wou et drëms geet, fir de Polizisten d'Beneficer vun der KI an engem gesécherten Ëmfeld an am Aklang mat der aktueller Gesetzgebung zur Verfügung ze stellen. Sou gëtt z.B. mat Europol zesummen un engem policeinternen Chatbot geschafft, deen ënner anerem och als Iwwersetzungstool ka benotzt ginn.

Duerch eng fachgerecht Benotzung vun der KI kann dem Polizist seng Aarbecht am Alldag vereinfacht ginn, sief dat bei redaktionellen Tâchen, oder bei der Auswäertung vun Dateien.

Lëtzebuerg, den 11. Dezember 2024
Den Inneminister
(s.) Léon GLODEN

[1] Accord de coalition, chapitre Sécurité intérieure, digitalisation